n° 2568

Monsieur Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, de 21. Juli 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **drénglech parlamentaresch Fro** un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

D'Schouljoer 2019/2020 war ganz kloer e schwéiert Joer, dat fir d'Enseignanten, d'Schüler an d'Elteren. Fir déi Schüler, déi um Enn vun der Vakanz nach wëllen Nohëllef kréien, fir sech esou besser op d'Rentrée ze preparéieren, proposéiert den Educatiounsministère gratis Nohëllefcoursen un.

D'Nohëllefsstonne wäerte vum 31. August bis den 11. September stattfannen. Esouwuel d'Schüler aus ëffentleche Schoule respektiv Lycéeën, ewéi och d'Schüler aus privaten Etablissementer, déi den offizielle Schoulprogramm applizéieren, kënnen sech fir d'Nohëllef-Coursen aschreiwen.

An dësem Kontext, well ech folgend Froen un den Här Minister stellen:

- Hu sech genuch Enseignantë gemellt fir des Nohëllefcousen kennen ze gi?
- Wa jo, wéi vill?
- Wa nee, wei gedenkt de Minister des Nohëllefsstonne kennen unzebidde wann net genuch Enseignantë do si fir dëst ze assuréieren?
- Wéi vill Schüler hunn sech mëttlerweil ugemellt fir des Nohëllefcoursen an Usproch ze huelen?

Mat déiwem Respekt,

Francoise Hetto

**Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (21.07.2020)**

Deputeiert

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2568 vun der honorabeler Deputéierte Françoise Hetto**

No engem Schouljoer, dat ganz staark gepräägt war vun der COVID-19-Pandemie, huet den Educatiounsministère Nohëllefcoursen organiséiert fir deene Schüler, déi Lacunnen accumléiert hunn, et ze erlaben, hire Retard opzeschaffen. Dës Nohëllefcoursë sinn een Element vun enger méi vaster Offer:

- Summerschool vum 31. August bis den 11. September: Nohëllefcoursen fir d'Schüler aus dem Enseignement secondaire an dem Enseignement fondamental;
- Rattrapage am 1. Trimester;
- Ausbau vu schouldoheem.lu: eng digital Plattform mat Léiermaterial. Eng spezifesch Rubrik erlabt et den Elteren an de Schüler gratis Excercicë mat Corrigéën erofzelueden, souwuel am Hibléck op déi perséinlech Besoine vum Schüler wéi op d'Matière, déi baussent de Schoulstonnen ze widderhuelen ass;
- Ergänzung vun dëser Offer vun didakteschem Material duerch eng Helpline, déi Rotschléi a pedagogesch Hëllef ubitt.

D'Offer vu Begleedung an Appui, déi elo en place gesat gëtt, soll sech an den nächste Joren zu enger fester Offer entwéckelen, déi no an no weider ausgebaut gëtt fir e weesentleche Bestanddeel vum Lëtzebuerger Schoulsystem ze ginn.

**Nohëllefcoursë virun der Rentrée**

Um Enn vun der Summervakanz goufe gratis Nohëllefcoursen ugebueden, fir datt Retarden am Léiere konnten opgeholl ginn an no de Schüler hiren eventuelle Schwächten oder Lacunne konnt gekuckt ginn.

Déi Coursë hunn vum 31. August bis den 11. September 2020 gedauert. Am Ganzen hu sech eng 6.000 Schüler ageschriwwen : 4.830 am Enseignement fondamental (Cycles 2, 3 a 4.1.) a 797 am Enseignement secondaire (519 fir d'Cours de remise à niveau an 278 fir d'Cours de rattrapage). Dobäi kommen, am Enseignement secondaire, eng 300 Schüler, déi an Nohëllefscoursen ageschriwwe waren, déi op Initiativ vun 8 Lycéeën organiséiert goufen. Hei kann ee preziséieren, datt Schüler, déi wärend dem Schouljoer 2019-2020 am Cycle 4.2. waren an am September op 7$^{e}$ komm sinn, zu de Schüler gerechent goufen déi am Enseignement secondaire ageschriwwe sinn.

D'Schüler aus dem Enseignement fondamental (Cycles 2, 3 a 4.1) goufen entweeder op Recommandatioun vun hirem Enseignant ageschriwwen oder op Initiativ vun hiren Elteren. Am Enseignement secondaire kann een ënnerscheeden tëschent de Cours de remise à niveau, déi geduecht sinn, fir Lacunnen ze combléieren, an de Cours de rattrapage, déi sech u Schüler adresséieren, déi een Noexamen hunn.

Am Enseignement fondamental gouf den Appui vun nobäi 345 Volontairen assuréiert, dovunner 80 Enseignanten, 165 Remplaçants temporaires an 99 Persounen, déi aus engem Pool recrutéiert ginn, dee geschaf gouf, fir d'Études surveillées ze assuréieren, wéi d'Coursën am Mee nees ugefang hunn.

Am Enseignement secondaire goufen d'Schüler vun am Ganzen 18 Enseignanten a 69 Studenten encadréiert.

**Detailléiert Zuele fir den Enseignement fondamental**

***Zuel vun ageschriwwene Schüler, no Cycle an no Fach****

| Cours de rattrapage | Nombre d'élèves inscrits |
|---|---|
| cycle 2.1 / Cours de rattrapage en langue allemande | 648 |
| cycle 2.1 / Cours de rattrapage en mathématiques | 178 |
| cycle 2.2 / Cours de rattrapage en langue allemande | 617 |
| cycle 2.2 / Cours de rattrapage en mathématiques | 220 |
| cycle 3.1 / Cours de rattrapage en langues allemande et française | 726 |
| cycle 3.1 / Cours de rattrapage en mathématiques | 254 |
| cycle 3.2 / Cours de rattrapage en langues allemande et française | 722 |
| cycle 3.2 / Cours de rattrapage en mathématiques | 242 |
| cycle 4.1 / Cours de rattrapage en langue allemande | 459 |
| cycle 4.1 / Cours de rattrapage en langue française | 418 |
| cycle 4.1 / Cours de rattrapage en mathématiques | 346 |
| **Total** | **4 830** |

* Fir d'Kanner net ze iwwerlaaschten, war d'Aschreiwung am Enseignement fondamental just méiglech fir een eenzegt Fach.
Schüler, déi wärend dem Schouljoer 2019-2020 am Cycle 4.2. waren an am September op 7e koumen, ginn zu de Schüler gerechent, déi am Enseignement secondaire ageschriwwe sinn.

***Personal, dat d'Cours de rattrapage assuréiert***

| | |
|---|---|
| Enseignants | 80 |
| Remplaçants temporaires | 165 |
| Membres du pool national "études surveillées" | 99 |
| **Total** | **344** |

**Detailléiert Zuele fir den Enseignement secondaire**

**Cours de remise à niveau**, déi sech u Schüler riichten, déi Lacunnen hunn (Fächer : Däitsch, Englesch, Franséisch, Mathematik)

***Zuel vun ageschriwwene Schüler***

| Lieu d'organisation des cours | Nombre d'élèves inscrits |
|---|---|
| LCD – Lycée classique Diekirch | 133 |
| LGK – Lycée Guillaume Kroll (Esch) | 104 |
| LMRL – Lycée Michel Rodange (Luxembourg) | 282 |
| **Total** | **519** |

***Zuel vun Inscriptioune pro Fach ****

| Lieu | allemand | anglais | français | maths | total |
|---|---|---|---|---|---|
| LCD | 34 | 14 | 78 | 73 | 235 |
| LGK | 45 | 13 | 47 | 76 | 190 |
| LMRL | 126 | 48 | 114 | 178 | 566 |
| **Grand total** | **205** | **75** | **239** | **327** | **846** |

* Am Enseignement secondaire konnt een sech fir maximal zwee Fächer aschreiwen.

***Zuel vun Inscriptioune pro Année d'études***

| Classe | allemand | anglais | français | maths | total |
|---|---|---|---|---|---|
| 2e | | 3 | | 12 | 15 |
| 3e | 6 | 3 | 2 | 9 | 20 |
| 4e | 4 | 10 | 10 | 17 | 41 |
| 5e | 14 | 23 | 36 | 51 | 124 |
| 6e | 34 | 36 | 28 | 64 | 162 |
| 7e | 78 | | 80 | 99 | 257 |
| 4.2 (EF) | 69 | | 83 | 75 | 227 |
| **Grand total** | **205** | **75** | **239** | **327** | **846** |

**<u>Cours de rattrapage</u>**, déi sech u Schüler riichten, déi nach en Noexamen haten (Fächer : Däitsch, Englesch, Franséisch, Mathematik, Biologie, Chimie a Physik)

***Zuel vun ageschriwwene Schüler***

| **Lieu d'organisation des cours** | **Nombre d'élèves inscrits** |
|---|---|
| LCD - Lycée classique Diekirch | 77 |
| LGK Lycée Guillaume Kroll (Esch) | 33 |
| LMRL – Lycée Michel Rodange (Luxembourg) | 168 |
| **Total** | **278** |

***Zuel vun Inscriptioune pro Fach ****

| **Lieu** | **allemand** | **anglais** | **biologie** | **chimie** | **français** | **maths** | **physique** | **total** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| LCD | 11 | 15 | 3 | 4 | 27 | 38 | 5 | 103 |
| LGK | 9 | 4 | | 2 | 6 | 20 | 4 | 45 |
| LMRL | 38 | 30 | 7 | 11 | 48 | 90 | 16 | 240 |
| **Grand total** | **58** | **49** | **10** | **17** | **81** | **148** | **25** | **388** |

* Am Enseignement secondaire konnt een sech fir maximal zwee Fächer aschreiwen.

***Zuel vun Inscriptioune pro Année d'études***

| **Classe** | **allemand** | **anglais** | **biologie** | **chimie** | **français** | **maths** | **physique** | **total** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 2e | 3 | 4 | 1 | 4 | 2 | 12 | 10 | **36** |
| 3e | 2 | 2 | 1 | 2 | 7 | 17 | 6 | **37** |
| 4e | 5 | 17 | 2 | 9 | 15 | 39 | 5 | **93** |
| 5e | 6 | 11 | 1 | 2 | 14 | 23 | 2 | **59** |
| 6e | 15 | 15 | 1 | | 20 | 29 | 1 | **81** |
| 7e | 27 | | 4 | | 23 | 28 | 1 | **82** |
| **Grand total** | **58** | **49** | **10** | **17** | **81** | **148** | **25** | **388** |

Nieft de Coursen, déi vum Ministère an den dräi Zentren organiséiert goufen, hunn och 8 Lycéeën esou Coursë fir hir eege Schüler assuréiert; et handelt sech dobäi ëm follgend Schoulen:

| Lycée |
|---|
| LAML – Lycée Aline Mayrisch |
| LCE – Lycée classique d'Echternach |
| LHCE – Lycée Hubert Clément |
| LN – Lycée du Nord |
| LNB – Lycée Nic Biever |
| MLG – Maacher Lycée |
| LGK – Lycée Guillaume Kroll |
| EPF – École privée Fieldgen |

An dëse Schoule goufen eng 300 Schüler encadréiert.

***Total vum Personal, dat d'Cours de remise à niveau an d'Cours de rattrapage assuréiert***

| | Zuel |
|---|---|
| Enseignanten | 18 |
| Studenten | 69 |
| **Total** | **87** |